

Ursel Scheffler

(iwwersat vum Christiane Hastert)

De Kommissär Donnerwetzski

Di rout Strämp (Band 1)



Inhaltsverzeechnis

1.	Di rout Strämp.....	3
2.	Di falsch Zwillingen.....	6
3.	De Mann mam Anker	9
4.	Dem Kommissär geet e Späicherlicht op.....	12
5.	De Geheimdéngscht schléift	15
6.	Den halwe Piano	18
7.	D'Rätsel vum „Himmles-Aa“	21
8.	Wéi de Puppelche gekrasch huet.....	24
9.	Een zevill beim grouse Kur-Concert	27
10.	De Mann am bloen Overall.....	30
11.	D'Flockegras bléit	35
12.	D'Intelligenzpëll	40
13.	Erageschneit	43



1. Di rout Strämp

Ee mockelege Mann mat net méi grad ganz vill Hoer um Kapp a mat engem Schnurres, ass di breet Trap vum Hotel erop gelaf. Hie war total ausser Otem. Bal ewéi ee Walross, dat grad just nach d'Kéier krut, fir a säi beschte Kostüm ze sprangen an op Invitatioun vum franséische Konsul an den Hotel Atlantik ze lafen.

An dat Walross ass keen anere wéi dee berühmte Kommissär Isidor Donnerwetzski! Hie war vun engem dréngende Fall méi laang opgehal gi wéi virgesinn. Alt nees eng Kéier kënnt hien am leschten Ament an dach grad richtig: Dem Konsul seng Gäscht si just amgaangen, sech un de schéi gedeckten Dësch am *Gëllene Sall* ze setzen. De Kommissär wëscht sech ganz onopfälleg de Schweess vun der Stir. Dann trëppelt hie ganz gemittlech mat deenen aneren Invitéee Richtung Dësch. Als Dëschnopesch huet hien eng eeler Comtesse, déi den Donnerwetzski an enger Wollek aus Parfum op hier Plätz begleitet.

Et ass de 14. Juli, de franséische Nationalfeierdag. Den Orchester spillt di franséisch Nationalhymn, d'Marseillaise. D'Comtesse summt ganz lues mat. De Kommissär studéiert di blo-wäiss-rout gestraifte Menuskaart vum Owend.

D'Waasser leeft him am Mond zesummen.

Franséisch Kichen! Ei, wat hien déi gären huet! An dann och nach siwe Gäng, vun deenen all eenzelnen esou speziell ausgewielt gouf ewéi d'Gäuscht selwer.


Den Donnerwetzski freet sech ganz besonnesch op den Dessert. Hien ësst leidenschaftlech gären Desserten!

„Mmm, eng flambéiert Glace, déi Bastille heescht. Wéi dat kléngt!“, grommelt de Kommissär a rutscht genësserlech op sengem Stull hin an hier.

„Pardon, je vous en prie?“, freet d'Comtesse, wat op Lëtzebuergesch sou vill heescht ewéi: „Entschëllegt, wat hu Dir 'lo grad gesot?“

Mä do gött dat Gespréich schonn ënnerbrach, well d'Entrée zerwéiert gött. An dono kann de Kommissär der Comtesse nach ëmmer net erklären, firwat hien sech op den Dessert freet. De Konsul hält nämlech eng Festried. Zum Schluss vu senger Ried annonciert hien d'Zopp. Eng Festzopp. Vum Kichechef extra fir dëse festlechen Dag komponéiert!

An da gött vu véier jonke Käch op engem sëlwere Plateau den Zoppekomp aus deierem Porzeläin erabruecht. De Kichechef léisst sech et net huelen, di Leckerei héchstperséinlech ze zerwéieren. Hien taucht d'Louche an de Komp an zerwéiert d'Éieregäscht, déi um Kapp vum Dësch sëtze, vir d'éischt. Wéi hien



dem Éischte Staatssekretär säin Teller féllt, rutscht eng Strëmp vun der Louche. Eng knallrout Strëmp! All Mënsch hält op mat schwätzen. Esouguer d'Musek hält op mat spillen. Jidderee kuckt op di Strëmp do. Et ass eng winzeg kleng Strëmp, mä op ee Mol erfëllt si de ganze Raum. D'Comtesse fält schwaach. De Chefkach ka nees wibbelen a leeft mat haardem Gejätz an d'Kichen.

De Kommissär Donnerwetzski zéckt een Ament, op hien sech ëm d'Comtesse

këmmere soll oder ëm de Kach. Hien décidéiert sech fir den Tatort: Hie geet an d'Kichen.


Do kuckt hie sech ganz gewëssenhaft ëm. Et dauert just nëmmen e puer Sekonnen, bis hien entdeckt, wou di rout Strëmp do hier kënn.

Nodeems dëse Fall gekläert ass, geet de Kommissär hannescht an de Gëllene Sall. Do erwächt d'Comtesse grad nees aus hirer Ohnmacht.

Den Donnerwetzski erkläert hier elo endlech op Franséisch, dass hien sech, Strëmp hin oder hier, trotzdem onheemlech op den Dessert freet.

Fro un all schaarfsënneg Detektiven:

Wéi koum di Strëmp an d'Zopp?





2. Di falsch Zwillingen

Et ass kuerz viru Mëtternuecht. De Kommissär Donnerwetzski ass mat sengem Poliss-Auto beim alen Hafen ukomm. Hie schalt d'Luten aus a fiert virsiichteg weider.

Een anonymen Uruffer aus dem Kuddel sengem Bistro hat him virun enger knapper hallwer Stonn een Tipp ginn, dass an engem Schapp beim Hafen en Iwwerfall geplangt wär.



De Kommissär parkt säi Won e bësse verstoppt hannert engem Koup alen Uelechfässer. Hie pëspert mat senge Polizisten, fir hinnen ze erklären, wou se sech sollen histellen, fir de Schapp ze observéieren.

Eng Stonn laang geschitt guer näischt. Dat ass eng laang Zäit, wann een an der Däischtert waarde muss ouni ze wibbelen. D'Poliziste verléiere scho bal d'Gedold.

Op eemol héiert een e Getuckers. E Motorboot kënnt méi no. Zwee, nee dräi Männer schläiche sech u Land.

Iwwerdeems dee Leschten d'Boot festmécht ginn di zwee aner riicht op de Schapp zou. Sou flénk ewéi e Kaweechelchen klammen di zwee op den Daach vum Schapp. Et héiert ee Glas brieche.

„Dat war bestëmmt d'Daachluk“, pëspert de Kommissär Donnerwetzski.

Den drëtten Mann klëmmt net op den Daach. Dee bleift ënne stoen a kuckt ronderëm sech. Da luusst hien erop, fir ze kucken, wat um Daach geschitt.

Seng zwee Komplizen hu ganz Aarbecht geleescht. Schnell ewéi de Blëtz hu se mat enger Pulli an engem Seel eng Zort Lift gebaut a loossen elo ee Pak nom aneren erof.

„Nondikass! Dat do maachen déi net fir d'éischt“, grommelt de Kommissär erstaunt. Awer hie waart nach, éier hien d'Männer festhält. Déi schaffen ëmmer méi séier an ëmmer méi ongenéiert. Een um Daach fänkt esouguer un, ee lëschtegt Lidd ze päifen.

„So, hues du se nach all?“, zischt et vun ënnen an direkt hält deen uewen um Daach op mat sengem Gepäifs.

Nieft dem Schapp stapelen sech elo schonn eng ganz Partie Këschten mat elektreschen Apparater.

„Stop!“, rífft de Mann vun ënnen, haart genuch, dass di zwee um Daach hien héieren.

„Méi kréie mer net an d'Boot!“

Dat ass fir de Kommissär Donnerwetzski d 'Stéchwuert fir anzegräifen. Hie päift, de Polizisten hier Scheinwerfer ginn all mateneen un an de Kommissär rífft duerch säi Megafon: „Hänn an d'Luucht! Verhaalt Iech wann ech gelift roueg. Dir sidd ëmzégelt! Et huet kee Wäert fortzelaufen!“

D'Männer um Daach sinn esou erféiert, dass se net emol méi wibbele kënnen. Ganz lues hiewen se hier Hänn an d'Luucht.

Mee, wou ass dee Mann, deen ënne stoung? Vun deem ass wäit a breet näischt méi ze gesinn!

Den zweete Polisswon, deen de Kommissär ugefuerdert hat ass scho laang ukomm. Di zwee Abrieche vum Daach hunn allebéid Handschellen un a soe net vill. Vun engem drëtten Mann wëlle si näischt wëssen.

Wéi de Kommissär Donnerwetzski um Polissbüro hier Donnéeën iwwerpréift ass hie paff: Di zwee Gauner hunn de selwechte Familljennumm an sinn och nach de selwechten Dag op der selwechter Platz op d'Welt komm. „Aha, da sinn di zwee also Zwillingen!“, kombinéiert den Donnerwetzki messerschaarf.

Mee dat streiden di zwee Männer, déi soss net vill schwätzen, kategoresch of.

„Da sinn d'Pobeiere gefälscht!“, mengt de Kommissär a léisst se genee kontrolléieren.

Dës Kéier iert de Kommissär Donnerwetzski sech. D'Pobeiere sinn echt. An da geet dem Donnerwetzski endlech eng Späicherliichtchen op. Elo fënnt hien och deem drëtte Gauner säi Numm eraus. Hie léisst en an der Wunneng vun de „falschen Zwillingen“ festhuelen!

Fro un all cleveren Detektiv:

Wéi eng Späicherliicht ass dem Kommissär Donnerwetzski opgaangen? Wéi huet deem drëtte Brigang geheescht?





3. De Mann mam Anker

Et ass grouse Maart. Op der grousser Platz virun der Kierch bitt sech engem dat gewinntent faarwegt Bild: D'Leit drécken sech duerch di enk Gaassen zwëschen deenen eenzelne Maartstänn. D'Verkeefen bidde mat haarder Stëmm hiert Uebst a Geméis un. De bëllege Jaki verkeeft ee Fleckewaasser, mat deem esouguer d'Speechelen aus dem Gesiicht direkt verschwanne sollen.

De Kommissär Donnerwetzski ass onerkannt matten dran an deem Gewulls. Sengem schaarfe Bléck entgeet näischt. Schonn huet hien ee professionellen Täschendéif erbléckst, deen enger blonder Fra de Porte-Monnie aus dem Akafskuerf eraus klaut. De Kommissär keimt. Soll hien elo deem Déif do nolafen? Dat ass eng echt Gewëssensfro. „Gewass“, denkt en sech. „All Mënsch brauch emol eng Paus an haut ass mäi fräie Samschden.“ Sou richteg gutt spiert hien sech awer net dobäi. Mee hien entschëllegt sech bei sech selwer a grommelt: „D'Leit maachen et den Déif awer och wierklech ze einfach. Eng hallef Dosen Vëloen ouni Schlüss stinn do vir am Vëlosstänner. A wann ee säi Porte-Monnie oppen uewen op säin Akafskuerf leet dann ass ee selwer Schold!“

Hie rëselt de Kapp iwwert esou vill Liichtfankegkeet an trëppelt weider bei de Geméisstand. Do



keeft hien sech Rettech. Mee knapps huet hien der Maartfra de Réck gedréint, do deet déi scho Knäll: „Haalt den Déif! Haalt den Déif!“

Irritéiert dréit de Kommissär sech ëm. Erlichtert stellt hie fest, dass net hien domat gemengt ass. Schliisslech huet hien säi Rettech jo och éierlech bezuelt. Awer d'Bewegung an der Mënschmass verréit, dass een anere „Client“ zimlech presséiert ass fortzekommen.

„Meng Keess! Meng Keess ass fort!“, rífft di mockeleg Geméisfra. Iwwer Këschten a Kierf stierzt se dem Déif hannendrun. Mee deen huet sech natierlech längst duerch d'Bascht gemaach.

„Do ass hien! Nee, do“, ruffen d'Leit duercherneen.

„Haalt den Déif! Fänkt hien dach!“, bläert d'Geméismadamm ëmmer méi haart. Awer dem Déif géllt et, an der allgemenger Opreegung ze entwëschen.


„Kee Fall fir den Donnerwetzski!“, denkt de Kommissär Donnerwetzski. Mee wéi dunn awer d'Geméisfra hannert hiren Zaloten sëtzt ze kräischen fënnt hien seng Astellung schappeg.

„Wéi huet dee Brigang dann ausgesinn?“, freet den Donnerwetzski besuergt. D'Maartfra hält zweemol déif Loft a schnäizt gutt haart hier Nues. Nodeems se

sech nees erkritt huet seet si: „Oh, en huet ganz normal ausgesinn. En hat e kleng Bäärtchen, mengen ech. Awer et ass alles esou séier gaangen!“

„Dat ass net grad vill“, grommelt den Donnerwetzski a kuckt konzentréiert ronderëm sech. „An e kleng Baart hunn ech schliisslech och...“

„Waart! Lo fält et mer nees bäi! De Mann hat um lénken Ënneraarm en Anker tätowéiert. Ech hunn et genee gesinn! Den Aarm vun sengem Plover ass erop gerutscht, wéi hien sech d'Keess gekroopt huet!“



„Ma dat sinn dach 'mol e Koup Informatiounen!“, seet de Kommissär Donnerwetzski an a Gedanken léisst hie virun sengem Detektiv-Aan all tätowéiert Männer laanschztéien, déi en a leschter Zäit um Polissbüro gesinn huet. Awer e Mann mat engem Anker ass net dobäi!

„Ech halen d'Aën op! Ech sinn de Kommissär Donnerwetzski vum Kommissariat 13“, seet den Donnerwetzski, well en d'Maartfra berouege wëll.

„Awer net dee Kommissär Donnerwetzski?“, staunt d'Geméisfra a rappt d'Guckelcher grouss op. De Kommissär wénkt verleeë mam Kapp. A wéi en dunn - e bësse genéiert - senger Wee geet, stierkt d'Maartfra him voll Bewonnerung no.

All Mënsch, deem et wëll héieren, oder och net, verzielt se, datt dee berühmte Kommissär bei hier Rettech kaf huet. Dat fënnt si bal esou opreegend wéi den Déifstal vun hirer Keess. Den Donnerwetzski mécht sengem Numm all Eier. Sengen donkelbloen Aen entgeet net, dass de Keesse-Klauert sech nach ëmmer um Maart ophält.

„Tatsächlech! Do steet en!“, grommelt den Donnerwetzski erstaunt.


Souvill Kalbiddegkeet ass him nach seele begéint. De Mann hat sech zwar perfekt getarnt an d'Keess hat hien och gutt verstoppt, mee dat notzt him wéineg, wéi den Donnerwetzski deem Onéierlechen duerch d'Poliss festhuele léisst.

Di nächste Kéier, wou de Kommissär op de Maart kënnt kritt hie vun der Geméisfra ee wonnerbare Choufleur geschenkt. Wie wonnert et?

Fro un all Detektiven, déi den Duerchbléck nach hunn:

Wien entdeckt um Maart-Bild den Déif an seng Beute genau sou séier wéi de Kommissär Donnerwetzski?





4. Dem Kommissär geet e Späicherlicht op

Den Här Pinselmann huet Gebuertsdag. Hie luet seng Frënn a Kollegen op e Patt an. Si feieren am *Sëlwere Schwan*. De Wiert ass e gudde Frënd vum Pinselmann. En ass net grad glécklech ze gesinn, dass de Pinselmann méi bechert wéi e soll. Mee de Wiert selwer behält e kloere Kapp a wéi de Pinselmann schliisslech wëll heemfueren seet de Wiert zu him: „Sou kanns de awer net heemfuere, Robert!“ Mat Gegrommels bestellt de Robert nach eng läscht Tournée.

„Déi schëdden ech eréischt eraus, wann s du mir däin Autosschlëssel gëss!“, seet de verstännege Wiert.

„Mengetwegen“, knoutert de Pinselmann a pucht him mat engem spëtzbouwege Bléck seng ganz Kludder Schlësselen iwwert d'Théik.

„E Schlësselchen géint e Béierchen, f-f-firwat net?“, tuddelt en. A weider geet et mam Geschlupps. Et ass wäit no Mëtternuecht wéi hien Aarm an Aarm mat senger Frënn de Bistro verléisst an dobäi séngt.

Doheem erwächt d'Madame Pinselmann nëmme kuerz. E puer Minutte méi spéit läit och hire Mann am Bett a schléift déif a fest.

Moies um sechs schellt et haart un der Dir.

D'Madame Pinselmann sëtzt op eemol poulriicht am Bett a rífft erféiert: „Lauschter, Robert! A wie kann dat sinn? Ëm dës Zäit! Matten an der Nuecht!“

Hallef am Dusel taascht de Robert Pinselmann no sengem Buedmantel hannert der Schlofzëmmerdier. Hie schlappt eraus an de Gank.


Zwee Poliziste sti vrun der Appartementsdier an ee vun deenen zwee seet: „Entschëllegt eis, wann ech gelift. Et ass eis penibel, mä mir müssen Iech fir eng Bluttprouf siche kommen. Ären Auto steet e puer Stroosse méi wäit an ass a siwen Autoe geknuppt, déi do geparkt stinn.“

„Wat der net sot!“, rífft den Här Pinselmann iwwerrascht. „Da muss e Geeschterfuerer domat ënnerwee gewiescht sinn. Ech hat dach guer kee Schlëssel! Frot dach de Wiert vum *Sëlwere Schwan*.“

„Dir musst trotzdem mat op de Polissbüro“, insistéiert de Polizist.

„Ech komme mat!“, rífft d'Madame Pinselmann fest entschloss an deet sech huerteg un. Um Polissbüro bestätegt se, datt hire Mann géint hallwer zwou heemkomm ass.

„Ech ginn ëmmer wakereg, wann hien d'Luucht umécht. An dunn hunn ech op d'Auer gekuckt. Dat kann ech beschwieren“, seet si.



De Kommissär Donnerwetzski huet keng Ursaach un hire Wieder ze zweiwelen.

„Et stëmmt wat si seet! Meng Fra ass iwwerempfindlech. Ech hunn et nach ni fäerdeg bruecht, onbemierkt heem ze kommen“, seet de Pinselmann traureg.

„Dat mam Autosschlëssel stëmmt“, meelt ee vun de Polizisten. „Mir hu lo just mam Wiert vum *Sëlwere Schwan* telefonéiert. Hie schéckt eis d'Kludder Schlësselen.“

„Dat brauch hien net. Se gesäit genau esou aus wéi menger Fra hier“, seet de Pinselmann. „Si huet hier ëmmer an der Posch!“

D'Madame Pinselmann kroomt hier Schlüsselen eraus. „Dat hei ass de Schlëssel vum Appartement, dat ass de Garageschlëssel an dat hei ass den Hausschlëssel mam Kellerschlëssel“, erkläert si.

„An Ärem Mann säi Schlësselbond gesäit genau d'selwecht aus?“

„Natierlech“, knoutert de Pinselmann, „bei eis ass ee wéi deen aneren.“

„Hutt der vläit nach en drëtten Schlëssel?“, wëll den Donnerwetzski schäinhelleg wëssen.


„Nee, et gött nëmmen nach en drëtten Hausschlëssel an deen ass beim Portier. An deen ass an der Vakanz“, verséichert d'Madame Pinselmann.


„Aha“, grommelt den Donnerwetzski nodenklech. A well dobaussen en Donnerwieder eropzitt, ass et op eemol stackdäischter am Zëmmer.

De Kommissär geet bei de Luteschalter. An op eemol geet him eng Späicherliichtchen op. Eenzock dréit en sech ëm a seet: „Här Pinselmann, Dir sidd wéinst Fahrerflucht festgeholl. Mat Ärer Ausso wollt Dir mech hanner d'Liicht féieren a bal wär et Iech gegléckt....“

Fro un all hell Detektiven:

Wéi eng vum Här Pinselmann sengen Aussoen erschéngen dem Kommissär Donnerwetzski op eemol an engem anere Liicht?





5. De Geheimdéngscht schléift

De Kommissär Donnerwetzski sëtzt mat senger neier gesträifter, mee leider eppes ze enker Schwammbox op der Plage vun engem mëttelgroussen Hotel zu Nice. Do kämpft hie grad mat enger mëttelgrousser Fläsch Nossuelech géint ee mëttelgrousse Mëttelmier-Sonnebrand un.

En hat sech esou op dës Vakanz gefreut! E puer Deeg Erhuelung no den Ustrenge vu deene leschte Wochen, an deene siwe schwierig Fäll op ee Koup ze léise waren! Den Donnerwetzski hat am Büro Bescheid gesot, dass hie just a ganz dréngende Fäll an der Vakanz gestéiert dierft ginn.

Entspant blénzelt hien an di waarm Mëttessonn.

Do gesäit hien de Concierge mat séiere Schrëtt op sech duerkommen. Dat do heescht näischt Guddes! Op engem sëlwere Plateau läit e Fax. Den Donnerwetzski gräift huerteg dono. Dobäi hannerléisst hien Nossuelechofdréck, déi engem Pouletsbroder all Eier gemaach hätten.

„Äddi Vakanz!“, knoutert en a léisst seng Hand mam Fax dran nierwt sech an de waarme Sand falen. Da fänkt en un, huerteg seng Siwe Saachen zesummen ze rafen. Hie fënnt alles, bis op säi neie Sonnebrëll. Mee dee sëtzt jo och schliisslech op senger Nues! Da leeft en an den Hotel.

„Waffeschmuggel!“, grommelt en.

„An ausgerechent op där Plaz, wou ech an der Vakanz sinn...“

Hie léisst sech direkt mat sengem Büro verbannen. Do gëtt hie gewuer, dass d'Spuer an dëser Schmuggelaffär esou gliddeg ze si schéngt, wéi d'Mëttesonn.

Eng däitsch Schmugglerband verschëfft hier Wuer wahrscheinlech vun Nice aus an Afrika. Nach hënt soll dat Schëff, deem säi Numm een net genau kennt, den Hafe vu Nice verloossen.


Den Donnerwetzski telefonéiert nach eemol. Dës Kéier mat sengem Kolleesch vun der franséischer Police. Dee berouegt en an erzielt him, dass de Geheimdéngscht di verdächtig Schëffer scho säit véierzéng Deeg bewaacht. Mee dat geet dem Kommissär Donnerwetzski net duer!

Mam Hotelskach
sengem Vëlo pedaléiert
hien onopfälleg
Richtung Hafen. Dräi
Schëffer leien do:
d'Pinta, d'Nina an
d'Santa Maria. De
Kommissär kuckt sech
opmierksam ëm.

Him fällt op, dass dee
franséische
Geheimdéngscht
tatsächlech onopfälleg
den Hafen
iwwerwaacht:

den Zeitungsmännchen,
de Glacöverkeefer,
d'Fra mat der
Kannerkutsch, ...

Et erkennt een dës Leit
dorun, dass se alleguer
di selwecht schwartz
Schong unhunn.



Den Donnerwetzski muss fir sech laachen. Hien hält sech vir, seng franséisch Kollege bei Geleeënheet op dëse kleng Lapsus bei hirer Verkleedung opmierksam ze maachen.

Et ass scho bal zwou Auer. De Kommissär weess, wat dat Gegrommels an sengem Mo ze bedeuten huet: Hien huet Hunger! Hie firt hannescht an säin Hotel a bestellt sech als Mëttegiessen dräi Desserten.

De Garçon ass paff, mee ze professionell fir och nëmmen eng Minn ze verzéien. Di drëtt Glace kënnt dem Kommissär Donnerwetzski awer méi kleng vir wéi di zwou virdrun. Mee hien décidéiert, sech net dodriwwer opzereegen.


Wouriwwer hien sech awer fierchterlech opreegt ass, dass d'Leit vum Geheimdéngscht gepennt hunn! Wéi hien nämlech hannescht bei den Hafen kënnt, muss hie feststellen, dass eent vun deenen dräi Schëffer an der Zwëschenzäit beluede gouf!

Hie leeft bei den nächsten Telefon, fir direkt der Hafepolizei Bescheid ze soen.

Fro un all opmierksam Detektiven:

Wouru mierkt de Kommissär Donnerwetzski, dass ee vun de Schëffer beluede gouf? Wéi heescht et? Wéivill Geheimpolizisten dreiwten sech am Hafen erëm? Kuckt iech d'Bild dofir gutt un!





6. Den halwe Piano

Dem Kommissär Donnerwetzski säi Neveu heescht Marc. Hie wunnt mat sengen Elteren an enger neier Cité um Wupp vun der Stat.

Ganz nobäi läit ee wonnerschéint Naturschutzgebitt. De Marc ass net deen eenzegen, deen sech iergert, wa Leit einfach hire Sperrmüll do um Bord vum Bësch hin tippen.

„Dreckspittiën“ oder „Ëmwelt-Schwäin“ nennen d'Leit aus der Cité di Leit. An de Marc huet säi Monni gefrot, wat ee géint di Knaschthammelen ënnerhuele kéint.

„Oppassen! D'Aën an d'Oueren op halen! Leider hu mir bei der Poliss net genuch Leit dofir“, seet den Donnerwetzski.

Dofir décidéieren de Marc a seng Frënn, Detektiv ze spillen. Si observéieren vun do un d'Strooss, déi bei de Bësch féiert, ganz genee. Di Leit, déi dagsiwwer kommen, stellen hiren Auto ëmmer op dee grouse Parking beim Bësch, sou wéi sech dat gehéiert, an da gi se vun do aus zu Fouss an de Bësch trëppelen. Déi, di hiren Dreck dohin tippen, déi komme nuets. Dat wëllen d'Jonge beweisen. Si streeën owes eng frësch Spuer aus Seemiel iwwer de Bëschwee. An ëmmer wann ee frësche Pneuen-Ofdrock moies duerch de Seemiel féiert, läit och nees Knascht um Bord vum Bësch.

Dem Marc säi Frënd Stéphane wunnt am leschten Haus virum Bësch. Do wëllen di zwee Kollegen elo ofwiesselnd nuets den „Drecksautoen“ oplaueren. Den Detektiven hire beschte Gesell ass de Bobby, dem Stéphane säin Hond. Dee billt nämlech bei all Auto, dee nuets laanscht fiert. Zweemol ginn d'Bouwen an der

éischter Nuecht vum Mippchen erwächt. Mee et ass keen Offall am Bësch. Et schéngt es, wéi wann d'Leit aus engem anere Grond an de Bësch gefuer wäeren.

„Dat do huet dach kee Wäert!“, mengt dem Stéphane seng Mamm no dräi Deeg.
„Dir schlot iech just d'Nuert ëm d'Oueren fir näischt an nach emol näischt.“

„Nëmme nach bis de Weekend“, biedelt de Marc.

An dann hunn d'Bouwen Erfolleg.

Enges moies leien e puer al Pneuen um Bord vum Bësch. An en ale Ressort, futtis Matrassen an en halwe Piano!

De Marc telefonéiert dem Kommissär Donnerwetzski a seet: „Hënt huet erëm een Dreck an de Bësch getippt. Mir hunn dräi Autoe beobacht: e Golf, e Volvo-Kombi an e Camping-Bus. Ee vun de Chauffere muss et gewiescht sinn. Et gesäit een nach d'Ofdréck vun de Pneuen am Bësch. D'Plackenummeren hu mer iwweregens och! Mir hu se opgeschriwwen, wéi d 'Autoen aus dem Bësch erëm komm sinn.“



„Super Aarbecht!“, lueft de Kommissär d'Bouwen.

Mat de Plackenummere fënnt hie liicht eraus, wem d 'Autoe gehéieren. De Verhéier vun de Chaufferen hält hie selwer an d'Hand.

Allen dräi gi se zou, an der Nuecht beim Bësch gewiescht ze sinn. Mee allen dräi hunn se och ee Grond dofir, deen aliicht. De Chauffeur vum Volvo huet souguer en Zeien: „Meng Frëndin souz bei mir am Auto. No engem Sträit wéinst eise

Appartement si mer op de Parking beim Bäsch gefuer. Do si mer trëppele gaange, fir an aller Rou alles auszediskutéieren. De Sperrmüll hu mer iwwerhaupt net gesinn!"

D'Frëndin confirméiert seng Ausso.

De Chauffeur vum Camping-Bus ass entsat iwwert de Verdacht, een Ëmwelt-Sënner ze sinn.

„Grad ech? Ech sinn e Jeeër. Ech wär dach dee Leschten, deen d'Natur géif verknaschten! Ech si just bis op de Parking gefuer a sinn du vun do aus bei mäin Héichsätz am Bäsch gelaf. Do wou dir deen Dreck do fonnt hutt sinn ech guer net laanscht komm!"

Elo bleift nach just deen drëtten Verdächtige. Mee och den drëtten Chauffeur protestéiert: „Ech sinn e Schrëftsteller. Ech observéieren heiansdo Nuetseilen, well ech e Buch iwwert déi schreiwe wëll. Den Dreck hunn ech allerdéngs gesinn. Dir fannt vläit esouguer nach meng Fangerofdréck um halwe Piano. Ech hu probéiert, en op d'Säit ze drécken, fir dass keen driwwer trëllt. Mee een alleng kritt dat net hin. Dat ass onméiglech."

„Villmoos Merci dir Hären", seet de Kommissär Donnerwetzski. „Är Aussoen hu mer vill gehollef. Dir wäert nach vu mer héieren."

Op ee Schlag ass dem Kommissär kloer ginn, dass just ee vun deenen dräi den Täter konnt sinn: de Chauffeur vum Volvo!

De Mann gëtt allerdéngs eréischt alles zou, wéi a sengem Auto eng Pianostast fonnt gëtt a bei senger Frëndin doheem di aner Halschent vum Piano.

Fro un all schlau Detektiven:

Wéi eng Ausso bréngt de Kommissär Donnerwetzski op d'Spuer vum Ëmweltsënner? A firwat?



7. D'Rätsel vum „Himmles-Aa“



Et ass Ouschtersamschden. De Kommissär Donnerwetzski sëtzt an engem Fliger vun Tanger op Frankfurt. Virun him, an der éischter Klass, sëtzt, nee, schléift dee Mann, deem hien duerch siwen orientalesch Länner nogereest ass. An deem a Kadospobeier agewéckelten Ouschteree, dat op sengem Schouss läit, ass „d'Himmels-Aa“, dee wäertvollsten, ongeschlaffenen Diamant vun der Welt. En onschätzbar deiere Steen!

Den Diamant war op enger Ausstellung geklaut ginn, fir der hir Sécherheet de Kommissär Donnerwetzski verantwortlech war. Kee Wonner also, dass hien elo alles probéiert, fir dat kostbart Stéck erëmzekréien.

De Mann virun him schnaarcht. Mee seng Hänn halen d'Ouschteree fest ëmklamert.

„Der Däiwel weess, wou deen Ouschterhues do dat Ee an Afrika opgedriwwen huet!“, grommelt de Kommissär an trommelt nervös op dem Plateau ronderëm, op deem d'Stewardess him lo grad ee kleng Snack zerwéiert huet.

Zënter Deeg huet hien dee Gangster, deen ausgesäit wéi wann e kenger Méck eppes kéint zu Leeds doen, net aus den Ae gelooss. Seng Spezialitéit ass et, „heiße Ware“ vun engem Land an dat anert ze bréngen an se dann un deen, deen am meeschte bezilt, ze verkafen. Bis elo konnt nach keen him dat noweisen. D'Wuer war all kéiers, wann et drop ukomm war, spuerlos verschwonnen.

De Kommissär Donnerwetzski stierkt granzeg vru sech hin a knoutert: „Awer dës Kéier täuschs de mech net! Net mat engem Ouschteree!“

Dem Brigang säi Versuch, engem räiche Scheich den Diamant ze verkafen, ass offensichtlech net gegléckt. Doriwwer ass de Kommissär erliichtert. Well als Spezialist weess hien, wéi schwéier et gi wär, den Diamant dann erëmzekréien. Den Donnerwetzski ass frou, wéi de Fliger endlech zu Frankfurt lant.

Et ass kuerz virun eelef Auer. D'Kollege vun der Douane missten eigentlech längst säin Telegramm aus Tanger kritt hunn, hofft den Donnerwetzski.

Trotzdem bleibt hien ëmmer schéin hannert dem Mann mat deem wäertvollen Ouschteree, wéi se bei d'Passkontroll kommen.

Ee vun den Douaniere gehäit e Bléck am Diamanteschmuggler säi Pass a seet dann: „Géift der wann ech gelift een Ament matkommen?“

De Mann kuckt nervös ronderëm sech. Da geet hien awer mam Douanier an een zimlech eidele Flughafe-Büro. Am Büro steet net vill méi wéi ee klengen Dësch mat dräi moderne Plastiksstill.

„Sëtzt Iech wann ech gelift een Ament. Do ass een, dee wéinst enger dréngender Affär mat Iech schwätze wëll!“

De Beamte geet a léisst de Verdächtige eng Minutt alleng. Dat ass genau eng Minutt ze vill. Dee clevere Schmuggler notzt déi Zäit, fir den Diamant verschwannen ze loossen. Wéi kuerz drop de Kommissär Donnerwetzski de Raum betrëtt kuckt hien an een zefridde grinsend Gesiicht. De Mann knat ee Stéckelche Schockela a seet:



„Oh, ech hat gemengt, et géing méi laang daueren. Dofir hunn ech mäi Reesproviant ugeknabbert! A - sot emol - kenne mir eis net? Et schéngt, wéi wann Dir ëmmer grad dohinner reese géift, wou ech och hi reesen!“

Den Donnerwetzski bréngt et fäerdeg, sech seng Roserei iwwert esou vill Dreistegkeet net umierken ze loossen. Opmierksam kuckt hien sech am Büro ëm. D'Ouschteree ass also ganz offensichtlech eidel. Wou huet dee Mann dann

nëmmen d' „Himmels-Aa“ verstoppt?

Am Büro sti net vill Miwwelen. Dräi orange Plastiksstill, eng Yucca-Palm an engem Blummekiwwel am Eck, dräi mëttelprächtig Pousteren un der Mauer, eng Dreckschëscht, ee klengen Dëschelche mat engem Äschebecher. Méi steet hei net.

Soll de Brigang dee Steen ofgeschléckt hunn? Ma neen, dofir ass de Steen dach vill ze grouss! De Kommissär weess net méi weider. Do fält säi Bléck um Verdächtige seng Fanger. An haaptsächlech op d'Fangerneel vun der rietser Hand. An d'Erkenntnis trëfft hie wéi de Blëtz! Iwwerdeems di lénks Hand gefleegt ausgesäit, huet di riets Hand Fangerneel, déi sou päscheschwarz si wéi déi vun engem zéng Joer ale Schüler no der grousser Paus. Lo weess de Kommissär Donnerwetzski, wou de Mann d' „Himmels-Aa“ verstoppt huet.

Fro un all gewëtzten Detektiv:

Wie kombinéiert esou messerschaarf wéi de Kommissär Donnerwetzski a fënnt eraus, wou de Schmugler an Zäit vun enger Minutt dee groussen Diamant verstoppt huet?





8. Wéi de Puppelche gekrasch huet...

De Kommissär Donnerwetzski rennt huerteg d'Trape fir bei de Quai erof. Hien héiert schonn den Zuch erbäikommen. Mee du bemierkt hien eng jonk Fra, déi sech mat hirer Kutsch plot, an hien hëlleft hir, d'Kutsch d'Trapen erof ze hiewen.

Vum Zuch gesäit eise Kommissär just nach di hënnescht Luten, wéi hien endlech um Quai ukënnt. Also tréischt hien sech mat engem Bléck op de Puppelchen, dee friddlech an der Kutsch läit ze schlofen. Gedëlleg waart de Kommissär op dee nächsten Zuch. Hie keeft sech eng Zeitung um Kiosk. Scho nees ass de Benzin méi deier ginn! Den Donnerwetzski ass entsat. Säit de Benzinspräis esou geklommen ass wéi d'Musel no dräi Woche Reen, gehéiert de Kommissär alt méi zu den Energiespuerer. Hie verzicht op säin Dingschtwon esou oft et geet.

Dat huet grouss Virdeeler: hie steet net méi am Stau, ka raschten an den Trajet genéissen, hie kann ongestéiert iwwert seng ongeléiste Fäll nodenken a gëtt ausserdeem nach esou munches iwwert d'Leit aus senger Heemechtsstad gewuer, well hie si observéiert an dat eent oder anert Gespréich matkritt. Sou héiert hien zum Beispill och, dass di jonk Fra niewent him, déi grad eng al Bekannte begéint huet, sech op hir Vakanz a Griichenland freet. Si erzielt begeeschtert, dass se dofir grad hire ganze Kont geplëmmt huet. De Kommissär rëselt de Kapp. Iwwert esou Saache soll een dach net esou haart schwätzen, dass jiddereen et matkritt!

Do kënnt den Zuch! D'Leit um Quai drécke sech all eran. Den Donnerwetzski hëlleft erëm der Fra mat der Kannerkutsch. Di Fra mat hire Vakanzepläng drätscht sech nach séier virun him op di läscht fräi Plätz. Mee de Kommissär ass e Kavaléier. Hien hätt der Damm souwisou de Virtrëtt gelooss. Op der nächster Statioun klammen onopfälleg zwee Kontroller an Zivil eran.

De Kommissär Donnerwetzski erkennt se direkt, well se sech nach méi onopfälleg behuele wéi all aner onopfälleg Leit! Richteg: di zwee kucken sech a, wéi den Zuch nees ufiert, seet jidderee vun deenen zwee op sengem Wutz vum Wagon: „D'Ticketen, wann ech gelift!“

Eise Kommissär muss schmunzelen. Hien erbléckst ee Passagéier ouni Billjee, dee sech, offensichtlech ganz nervös, Richtung Wagonsmëtt bewegt. Soll deen et fäerdeg bréngen, bis di nächst Statioun onentdeckt ze bleiwen? Während jidderee méi oder manner onroueg no sengem Billjee kroomt, ginn op emol d'Luten aus. Den Zuch fiert méi lues a bleift matten an engem Tunnel stoen. Et ass stackdäischter. Eng Stëmm mellt sech aus dem Haut-Parleur an erklärt, dass dee kuerzfristege Stroumausfall op e Kuerzschluss zeréckzeféieren ass an direkt behuwe gëtt. Do fänkt de Puppelchen un haart ze blären. Onrou mécht sech breet. Deelweis héiert een d'Leit pësperen. Zwee Teenien kickelen. Iergendeen erzielt e Witz. Dat léisst d'Spannung an d'Leit laachen all.

Glécklecherweis ginn d'Luten elo och nees un. D'Kontrollere fuere weider mat hirer Aarbecht, sou wéi wa näischt gewiescht wär. Wéi den Zuch nees ufiert fänkt di jonk Fra niewent dem Kommissär u mat jäitzen: „Hëllef! Meng Sue si fort! Mäi ganzt Vakanzegeld ass net méi do! Wéi ech elo just nach no mengem Billjee gesicht hunn hat ech et nach! Et war an enger grousser bronger liederser Posch!“

„Déi muss ee geklaut hu, wéi d'Luten ausgaange sinn!“, mengt hier Frëndin.

„Kee Grond fir ze panikéieren!“, seet do de Kommissär Donnerwetzski a gëtt sech ze erkennen. „Mir müssen awer leider alles duerchsichen, éier iergendeen aus dem Zuch klammen däerf.“

Souguer déi zwee Kontrolleren hëllef bei der Sich, mee ouni Erfolleg: Déi brong Posch ass net opzedreiw. De Kommissär Donnerwetzski denkt nach emol ganz schaarf no. Do erënnert hien sech un ee Virfall, wéi d'Luten ausgongen. An direkt weess hien, wou di brong Posch verstoppt ass. Hie kuckt no, an tatsächlech: D'liers Posch läit genoe do, wou hie gemengt huet! Der jonker Fra hier Vakanz a Griichenland ass gerett!

Iwweregens och dee Mann, deen ouni Billjee ënnerwee war: Deen huet sech nämlech an der allgemenger Opreegung ganz heemlech aus dem Stëbs gemaach...



Fro un all déi, bei deenen eng Späicherlichtchen opgaangen ass:

U wéi ee Virfall erënnert sech de Kommissär? Wien ass den Täter? A wou fënnt den Donnerwetzski schlussendlech déi grouss lieder Posch?





9. Een zevill beim grouse Kur-Concert

Et ass e gliddegen Dag am Juli. En Héich iwwert den Azoren huet endlech och eis - no vill, vill Reen - de Summer bruecht. Och eise Kommissär Donnerwetzski spiert sech, grad ewéi d'Wieder, an Héichform. Well schliisslech ass et him gelongen, d'Spuer vun deem laang gesichten Trickdéif Frunnes Fuuss bis op Mondorf ze verfollegen. An de fréie Moiesstonnen hat hien deen onéierleche Frunnes festgeholl, nach éier hien sech iwwert déi franséisch Grenz konnt duerch d'Bascht maachen. Den Donnerwetzski décidéiert, en Dag Congé ze huelen an sech selwer fir d'Mëttegiessen ze invitéieren. Di läscht Woche ware schliisslech ustrengend genuch!

A während de Frunnes gutt bewacht an der Camionnette ënnerwee ass, sëtzt den Donnerwetzski scho bei sengem zweeten décken „Gelato Speciale“ beim Italiener. Do fält säi Bléck op e Plakat op der Mauer vis-à-vis! Concert am Casino! Mozart a Luigi Boccherini - dat ass e Genoss, deen ee sech net wëllt entgoe loossen! Ganz a Gedanken zibbelt hien u sengem Schnutz a rifft de Garçon fir ze bezuelen. Op emol erbléckst hien ee Gaascht, dee grad amgaangen ass, de Restaurant ze verloossen.

„Wann dat do awer net de Conny Knete ass, da friessen ech e Biesem!“, grommelt de Kommissär iwwerrascht, well hien huet gemengt, och deen äusserst begaabten a begierte Safe-Knacker séiz nach hannert de séchere Mauere vu Schraasseg! Mee hien ass sech bal sécher, dass en sech net iert.

Huerteg verjot den Donnerwetzski di däischter Gedanken a berouegt sech. Wat soll e Mann, dee scho Fort Knox an d'Bank vun England geplëmmt huet, an enger klenger Stiedche wéi Mondorf knacke wëllen?

Zwou Stonne méi spéit sëtzt de Kommissär mat zouenen An am Casino a genéisst dem Mozart seng Musek. Di douce Geien iwwertéine ganz effektiv d'Zische vum Schweessapparat, mat deem de Conny Knete an der Tëschenzäit dem Casino-Safe op de Leiw réckelt. Déi fantastesch Figaro-Arie gëtt vun der ëmmer nach attraktiver Sängerin Amanda Tear gesongen, déi den Donnerwetzski scho veréiert huet, wéi hien nach e jonke Borscht war. Eréischt wéi hien säi Brëll undeet, mierkt hien, dass si awer och e bësse méi al ginn ass. Awer vum Conny Knete sengem fläissege Geschaffs mierkt hien ëmmer nach näischt.

Dono kënnt de Geieconcert vum Boccherini, deen den Donnerwetzski ëmmer un de Film „Ladykillers“ erënnert. En uralen awer ganz komesche Krimi, an deem d'Raiber dat geklautent Geld an hire Geiekëschte verstoppt hunn. Och de Conny Knete ass grad amgaangen den Inhalt vum Safe an eng Geiekëscht ze druddelen.

Iwwer eng Saach weess de Conny Knete grad esou wéineg Bescheid wéi den Isidor Donnerwetzski. An zwar, datt - esou bal een um Casinostresor koschtert - e stëllen Alarm op dem nächste Polissbüro ausgeléist gëtt. D'Polissautoe si schonn ënnerwee bei de Casino. A wéi di éischt Gäscht nom Concert d'Haus wëlle verlosse sinn all d'Dieren zou. D'Leit gi gebieden,

sech nees hannescht op hier Plazen ze sëtzen. An och d'Quartett, dat dat läscht Musekstéck gespillt huet, hëlt erëm op der Bühn Plaz.



E Spriecher vun der Poliss klëmmt op d'Bühn a freet d'Leit frëndlech ëm hiert Versteesdemech fir dat, wat elo op se duerkënnt: Jidderee vun hinne soll genee ronderëm sech kucken, op virun him, niewent him oder hannert him ee sëtzt, dee virdu net do souz oder während dem Concert de Sall verlooss huet. Et kënt nëmmen eng Meldung: Eng Mamm ass mat hirem sechsjährege Bouf virdrun, tëscht dem Mozart an dem Boccherini, op d'Toilette gang. Iwwerdeems wou d'Poliss d'Fra verhéiert, denkt den Donnerwetzski schaarf no.

Hien ass sech sécher, dass de Conny Knete den Täter ass. De Panzerknacker Conny Knete ass keen Ufänger an e schafft ëmmer alleng. Ausserdem iwwerleet hien sech dofir di fantasievollst Verkleedungen. Dorop muss den Donnerwetzski seng Kollegen onbedéngt opmierksam maachen.


Mee dozou kënt et net méi, well elo klëmmt d'Amanda Tear bei di fënnef Museker op d'Bühn. Op eemol weess eise Kommissär genee, wou dee gerassene Gauner sech verstoppt huet!

Ouni sech ze erkennen ze ginn, gëtt den Donnerwetzski sengem Kolleesch vun der Munnerefer Poliss en Tipp, deen direkt zur Festnahm vum Verdächtige féiert. Kee Wonner, datt den aneren Dag d'Lëtzebuerger Wort ganz houfereg titelt: „Internationale Safe-Knacker ouni Kur-Ticket bei engem Kur-Concert! Vun eiser Poliss stënterlech festgeholl.“

Eng Fro un all musikalesch Detektiven:

Wéi eng Beobachtung léisst den Donnerwetzski an all opmierksam Lieser vun dësem kniffeleche Fall dee gerassenen Déif entdecken? Vläch hëlleft iech dëst Bild dobäi.





10. De Mann am bloen Overall

D'Virginie Weber ass siwenavéierzeg Joer al, huet däischterblond Hoer, ass e bësse mockeleg an dat, wat een am Allgemengen eng éierlech Haut nennt.

Et kann een sech ëmmer op hatt verloossen. Och berufflech. Hatt schafft am beschten Hotel vun der Stad. Bei him drécken sech souguer d'Promien d'Klansch an de Grapp.

D'Beruffsbezeichnung „Madame Pipi“ ass fir säin Job dofir och net ubruecht. Et ass schwéier, ee passende Numm ze fannen. Vlät „Sanitär-Keramik-Pflegerin“ oder eventuell nach „Erfräschungsraum-Kosmetikerin“. Mee och dat trëfft nach net grad de Nol op de Kapp. D'Wirsch ass méi wéi dat. Hatt huet fir jiddereen e frëndlecht Wuert a noutfalls och Nol a Fuedem, wann e Knapp lass ass, oder eng Plooschter, wann d'Schong drécken an eng Bloder um Kommen ass.

Nimools géif d'Virginie Weber et dulden, dass an deene vun him betreite Raimlechkeeten eppes Onerlaabtes geschitt. An awer gëtt d'Wirsch enges schéinen Dages an e Kriminalfall verwéckelt a geréit ënnert e schreckleche Verdacht.

De 27. Abrëll owes kënnst eng elegant gekleeten Damm zimlech presséiert an d'Toiletten eran. Si huet ee klenge Lackkëfferchen am Grapp. Dee leet se op deem Dëschelchen, op deem diskret de klengen Tellerche steet, wou d'Clienten dem Virginie Muller e puer Cent dropleeën, fir him Merci ze soen, dass hatt d'Toiletten esou gutt ënnerhält. An da verschwënnt déi Damm an enger vun de blitzblanke Kabinen.

Am ganzen Duercherneen - haut fënnt ee groussen Doktesch-Kongress am Hotel statt - bemierkt d'Virginie Weber nët, wéini di elegant Damm seng Geschäftsraum nees verléisst. No enger gewëssener Zäit bemierkt hatt awer, dass de Këfferchen ëmmer nach do steet.

Gewëssenhaft versuergt d'Wirsch di kleng Wallis an sengem Botzschaf. Wéi di Damm bis owes spéit ëmmer nach net nees opgedaucht ass, gëtt d'Virginie de Këfferche beim Portier of. Dee probéiert, d'Pëschelchen opzemaachen, mee si ass fest zougespaart. Dofir décidéieren di zwee, den zouene Këfferche bis den aneren Dag ze versuergen, an den Haapt-Portier ze froen, wat ze maache wär.

Midd geschafft mécht d'Virginie Weber sech op den Heemwee. Hatt fiert mam Vëlo laanscht d'Uelzecht bis bei säin Appartement um Rez-de Chaussée an der Gaardestrooss Nummer 17. Well d'Wirsch grad amgaangen ass e wéineg ofzehuelen ësst et just e Jughurt an eng Tranche Knäckebrout a schléift kuerz drop op senger haarder Bandscheiwe-Matrass an.

Matzen an der Nu et gëtt et wéinst engem Kaméidi bei der Fënster wakerech. Nach hallef am Dusel bemierkt et, wéi e Mann an engem däischterbloen Overall iwwert d'Fënsterbänk klotert, e Revolver op d'Bett am Eck diicht a rifft: „Heihi mam Koffer, soss klaakt et!“

Stënterlech ass d'Virginie Weber hellwakerech. Hatt mierkt direkt, dass de Mann et nëmmen op dee rätselhafte Këfferchen ofgesi kann hunn, an et knoutert: „Di topesch Pëschelche läit scho laang beim Portier!“

Ouni ze zécke schleident d'Wirsch dem Abrieche seng Klackett widdert de Kapp an dee mécht sech een Zock duerch d'Bascht.



Wéi d'Virginie de anere Moie schaffe kënnt, waart do d'Poliss op hatt. Mat däischerem Bléck weist ee Beamten op de Këfferchen, deen nieft dem Haapt-Portier steet. Mat fester Stëmm seet hie just ee Wuert: „Rauschgéft!“

D'Wirsch erkläert dem Polizist klipp a kloer, dass hatt mat der ganzer Saach näischt ze dinn huet. Mee de Polizist schéngt iwwerzeegt ze sinn, dass di éierbar Pippis-Madamm Virginie Weber de Kapp vun engem Drogenhändler-Réng ass, well hie léisst hatt net op seng Aarbechtsplaz. Au Contraire: Hien hält dem Wirsch seng Personalien op. Mee dat ass eigentlech eng ganz glécklech Décisioun gewiescht, wéi sech gläich drop erausstellt.

Well doduerch entdeckt d'Virginie Weber ee blonde Mann an engem hellgroe Kostüm, de schnuerstracks op dem Portier seng Loge zousteiert.

„Dat ass en - vill méi, dat war en!“, rífft d'Virginie opgereege a weist op deen elegante Mann, de grad duerch d'Dréidier aus dem Hotel eraus verschwénnt.

„Wie war dat?“, freet de Polizist irritéiert no.

„Ma dee Mann am bloen Overall, dee mech hënt iwwerfall huet an de Këfferche wollt hunn.“

Do léisst de Polizist sech emol déi ganz Geschicht erzielen.

„Direkt suivéieren!“, ordonnéiert de Beamten. Mee dofir ass et natierlech scho laang ze spéit.

Mee do geschitt e Wonner. D'Dréidier bewegt sech nees an entléisst dee Gesichtenen, den zeréck an d'Lobby vum Hotel kënnt. Allerdéngs net ganz fräiwëlleg. Hie war em den Eck dem Kommissär Donnerwetzski an d'Gräpp gelaf, deen hien als Heiko Pasch, ee „gudden“ ale Bekannte aus der Drogen-Szen, erëm erkannt hat.

„Ee Moment emol“, sot de Kommissär. „Meng Beamten ermëttele grad an engem Fall, zu dem ech gären Är Meenung héiere wéilt. Kommt dach wann ech gelift mat an den Hotel!“

Den Heiko Pasch stellt sech esou onwëssend ewéi ee neigebuerene Puppelchen.

„Et géif eis di ganz Saach erliichter, wann Dir mir eppes vun engem gewëssenen Istvan Borscht kéint erzielen...“, mengt de Kommissär Donnerwetzski.

„Dee bossesche Numm hunn ech nach ni héieren!“, verséichert den Heiko Pasch a kuckt de Kommissär mat senge grouse bloe Guckelcher treihäerzeg un.

„Da kennt Dir och sécher seng Fra Jovanka net?“

„Ech këmmere mech ni ëm deenen anere Männer hier Fraen!“, behaupt den Heiko Pasch, an den Donnerwetzski gleeft him dat och bal.



Do freet dee Polizist, deen d'Virginie Weber verhéiert hat, de Kommissär fir e Gespréich ënner véier Aen. No deem Gespréich wennt den Donnerwetzski sech nees un de Pasch a seet: „Trotz Ärer Behauptung vu virdrun ass hei eng Damm, déi schwiert, dass Dir hënt mat Gewalt an hier Schlofkummer agedronge sidd!“

„Ma dat ass dach allerhand!“, reegt sech de Pasch op, an seng Ae glënnere geféierlech. „Hei gött ee mir näischt, dir näischt als Sittestrolch ofgestempelt. Dat ass jo onerhéiert!“

An deem Moment kënnt d'Virginie Weber erbäi a rifft: „Dat ass en! Dat ass e ganz bestëmmt! Ech hunn e gutt Persoune-Gediechtnes. Dat brauch een a mengem Beruff. Hien hat zwar en Overall un. Sou schick wéi elo huet hien hënt net ausgesinn. Mee Kleeder kënne mech net täuschen! Ech géif hien ënner Honnerten erëm erkennen!“

„Wat sot Dir dann zu deen schwéieren Uschëllegungen vun der Damm hei?“, wëll de Kommissär Donnerwetzski wëssen a ass gespaant um Pasch seng Äntwert.

„Eng Damm? Pahl!“, mengt den Heiko Pasch blaséiert. „Wann der enger Toilette-Fra méi gleeft ewéi mir, da wann ech gelift. Mee Dir wäert Iech wonneren. Éischtens hunn ech fir hënt ee bommesécheren Alibi an zweetens géif der souguer mat enger Wonnerlupp a mengem ganzen Haus keen däischterbloen Overall fannen. Sou eppes Banales hunn ech nach ni besiess.“

„Villmools Merci!“, seet de Kommissär Donnerwetzski a grinst zefridd. „Dat geet mir schonn duer. Dir hutt gläich zweemol géint Iech selwer ausgesot. Dat huet Iech verroden! Fir mech steet fest, dass der schaarf waart op dee Këfferche mat Drogen, deen d'Jovanka Borscht hei op der Toilette deponéiert huet, wéi d'Poliss hannert hir hir war.“

„Ech wëll emol fir d'éischt mat mengem Affekot schwätzen!“, seet den Heiko Pasch zimlech nervös.

„Dat wäert Iech och net vill notzen. Mee wann der him uruffe wëllt: Hei ass den Telefon!“

Fro un all wäitsiichteg Detektiven:

Duerch wéi eng zwou Aussoen huet den Heiko Pasch sech verroden?

Wann der gutt matgeduecht hutt, da kombinéiert dir sécher esou schnell ewéi de Kommissär Donnerwetzski!

Eng Fro un déi mam schaarfe Bléck:

Duerch wéi eng Aussoen huet de Pasch sech verroden? Wann der genau matgeduecht hutt, da kombinéiert der genau sou séier wéi de Kommissär Donnerwetzski!





11. D'Flockegras bléit

Freideg Owend - endlech Weekend!

De Kommissär Donnerwetzski huet sech et grad an der Fotell gemittlech gemaach, do rabbelt säin Telefon.

Eng verstallte Stëmm seet:

„D'Flockegras bléit!“

Ee Moment laang zéckt de Kommissär, da fänkt hien u mat laachen a seet:

„Salü Tütü, ale Frënd! Schéin, dass de uriffs!“

„Ma op d'mannst liefst de nach. Du has wuel genuch ze dinn a leschter Zäit. Ech hu jo éiweg näischt méi vun dir héieren.“

„Do hues de recht, Tütü“, mengt den Donnerwetzski. „An däi geheimen Agente-Code soll bestëmmt en diskreten Hiweis vun dir sinn, mol endlech nees eng Kéier zesummen en Ausfluch an d'Natur ze maachen, oder?“

„Do hues de awer messerschaarf kombinéiert, Här Kommissär!“, äntwert den Tütü, dee genau esou ee leidenschaftleche Naturfrënd a Grieser-Sammler ass wéi den Donnerwetzski selwer. Si gi sech Rendezvous fir samschdes Moies.

Samschdes deet de Kommissär seng grasgréng Dräivéierels-Box an seng Biergschong un a fiert op de Parking bei der Haard. Sengem beschte Kolleg säin

Auto steet schonn do. Et ass en Oldtimer. Eng al Course-Maschinn, well den Tütü war fréier e bekannten Autospilot.

Den Tütü selwer ass néierens ze gesinn. Verwonnert kuckt den Donnerwetzski sech ëm. Vue dass de Buedem mëll a fiicht ass, entdeckt hien dem Tütü seng Foussofdréck. Se féiere vun sengem Auto aus bei de Bësch. Stopp! Do sinn och nach Autosspueren! Dat ass komesch, well dee schmuele Wee, deem an de Bësch féiert, ass fir sämtleche Verkéier verbueden! Ausser fir de Fieschteren hir Gefierer natierlech. Et kann nach net laang hier sinn, dass den Tütü hei laanscht gelaf ass, well d'Ränner vun de Spueren sinn nach däitlech ze erkennen, obwuel et ufänkt ze fisen.

Op eemol héiert den Donnerwetzki en Auto. Ass dat dee Won, deem den Tütü nogaangen ass? De Kommissär trëppelt eppes méi séier. Do gesäit hien hannert enger Kéier en Auto. Mee nach éier hien d'Nummereschëld liese kann, béit d'Gefier séier op e Niewewee an de Bësch of. Et ass eng kleng Camionnette. Wahrscheinlech eng japanesch Marque.

Huet dat Gefier eppes mam Tütü sengem Verschwannen ze dinn? Gouf säi Frënd vläit esou guer entfouert? Op e puer Plazen iwwerlageren dem Tütü seng Foussofdréck ganz däitlech d'Pneue-Spueren. Also muss den Tütü *nom* Auto hei gewiescht sinn, denkt de Kommissär berouegt. Huet hien d'Camionnette verfollegt? D'Spuere sinn elo schwéier ze erkennen, well de Buedem elo stengeg gëtt. Mee wéi den Donnerwetzski op déi Plaz kënnt, wou hien de Liwwerwon gesinn hat, ass genau ze erkennen, dass dem Tütü seng Ofdréck no lénks ofbéien. Dee Wee féiert bei e klengem Dëmpel. Och d'Pneue-Spueren halen do op. De Won ass fort. Deen hat hie jo gesi fortfueren. Mee wou ass den Tütü?

Den Donnerwetzski kuckt besuergt ronderëm sech.

Op eemol héiert hien ee Gejéimers hannert enger Kouert Holz. Wéi de Blëtz dréit hien sech ëm.

„Tütü! Wat ass lass? Héiers de mech?“, rífft den Donnerwetzski erféiert, wéi hien säi Frënd um Buedem gesäit leien. Hie blutt aus enger Wonn op der Stiir.

„Dee Käreel huet mech zesummegeschloen!“, iergert den Tütü sech a probéiert vergeblech, sech opzeriichten.

Den Donnerwetzski freet: „De Chauffeur vun der Camionnette?“

Den Tütü wénkt mam Kapp. „Ech hu mer d'Nummer opgeschriwwen. Hei!“ Hie gräift a seng Täsch. Mee den Ziedel mat der Plackenummer ass verschwonnen. „Och nach dat! Si hunn e wahrscheinlech aus menger Täsch geholl, wéi ech vu mer war!“

„Waren et der e puer?“, staunt den Donnerwetzski.

„Am Ufank hat ech gemengt, et wär just een. Dat war mäi Feeler! Deen zweete kouw vun hannen an huet mech k.o. geschloen.“



„Jo, mee firwat dann?“,
wonnert sech de Kommissär.

„Ma well ech hinne no
spionéiert hunn!“

„A firwat hues du hinne no
spionéiert anstatt op mech ze
waarden?“ Den Donnerwetzski
ass amgaangen, dem Tütü
seng Bless um Kapp ze
verpléischteren.

„Ech war eng hallef Stonn ze
fréi hei. Am Bësch hunn ech
en Harespelefrësser héieren,
an ech hu gehofft, ech kréich
hien ze gesinn. Grad wéi ech
de Vogel erbléckst hat, kouw
di Camionnette erbäi gerannt
an ass bei den Dëmpel gefuer.
Ech sinn hannendru gelaf, fir
deene Kärelen de Marsch ze

blosen. Dat hei ass jo schliisslech e Naturschutzgebidd. Wéi ech bei den Dëmpel
koum, hunn ech gesinn, dass ee Mann mat Blecheemeren iergend eppes an
d'Waasser gekippt huet. Gesäis de dee Schaum do? Leider hunn ech dat Fierkel
just vun hanne gesinn. Ech wollt hien zu Rieds stellen an hu mech erugeschlach.
Ech hu mech hannert engem Bam verstoppt, hunn d'Plackenummer notéiert an

hunn den Ziedel an d'Täsch gestach. Kuerz drop krut ech eng laanscht d'Bootsch."

„Ëmweltverschmotzer? Da waart! Déi erwësche mer!“, grommelt den Donnerwetzski. Sāi Gesiicht ass knallrout vu Roserei. Hien hält seng Plastikstut aus der Tāsch a fēllt se vum Bord aus mat dem verknaschtene Waasser.

„An der Tut wollt ech eigentlech Flockegras-Som sammeln“, knoutert hien. Da mécht hien e Knuet uewen an d'Tut. „Eise Labo wāert schonn erausfannen, wat déi Knaschtpittien do lass gi wollten!“

De Labo stellt fest, dass et sech ëm e Gēft handelt, dat bei der Produktioun vu Faarwen a Lack ufālt. Tatsāchlech gelēngt et der Poliss drāi Dee drop unhand vun der Beschreibung vum Gefier an deenen zwee éischte Buschtawe vun der Plackenummer, un déi den Tütü sech nach erēnnere kann, eng wāiss Camionnette, déi enger klenger Faarwefirma gehéiert, ze ermēttelen.

„Henri Mack, Faarwen a Lack“, steet a faarwege Buschtawen op der Sāitewand vun der Camionnette, déi de Kommissār Donnerwetzski kuerz drop fierwēlzeg mustert. De Liwwerwon am Bēsch hat allerdēngs nāischt dropstoen. Mee eise Kommissār léisst sech net esou séier aus dem Konzept brēngen. Vlāit ass di Schrēft jo nei! Hie wēll fir d'éischt emol de Pneueprofil mat de Spueren aus dem Bēsch verglāiche loossen.

„Ech géif gāre mam Här Henri Mack perséinlech schwätzen“, seet hien, wēi en an de Büro kēnt.



„Do musst Der op de Kierfecht. Deen ass viru siwe Joer gestuewen“, äntwert e jonke Borscht knapp, ouni vun sengem Schreifdēsch opzekucken.

„Dann ebe mam Gérant!“

„Mat dem schwätzt Der schonn“, seet de jonke Mann liicht ongehalen. „A wat hätt Der da gār?“

„Ech si vun der Poliss!“ De Kommissār Donnerwetzski hält deem affrontéierte Kārel sāi Badge ēnnert d'Nues.

Dee gött zwar kuerz e bësse bleech, léisst sech awer net aschüchteren. „A wat verschaaft mer dann déi Eier?“, wëllt e wëssen.

„Wie fiert mat dëser Camionnette?“

„Ech“, seet de Mann. „Heiansdo meng Fra. Fir akafen ze goen. Oder de Leo Schmitz, eise Gesell.“

„Et gött en Zeien, dee gesinn huet, wéi Dir de leschte Weekend Chemikalien an en Dëmpel am Naturschutzgebidd getippt hutt“, seet den Donnerwetzski.

„Ech? Chemikalien? Dir sidd jo geckeg! Ausgerechent ech! Een iwwerzeegte Gréngen. Gesidd der net dat Päschbild a menger viischer Glace?“

„Et ginn och gréng Dreckspittien“, äntwert de Kommissär ongeréiert. „Dierft ech mech emol an Ärem Betrib ëmkucken?“

„Wann et dann onbedéngt muss sinn“, grommelt de jonke Mann. „Mee Dir wäert näischt fannen! Ausserdem war ech de leschte Samsde mat menger Fra bei mengem Schwoer. Ech weess vun der ganzer Affär näischt!“

Och säi Gesell, de Leo Schmitz huet e perfekten Alibi. Trotzdem geléngt et dem Kommissär Donnerwetzski, di frech Ëmweltsënner op Grond vun hirer Ausso ze iwwerféieren.

Fro un all Detektiven, déi och trotz gréngem Sticker den Iwwerbléck behalen:

Wouduerch huet de Knaschtpitti sech verroden?





12. D'Intelligenzpëll

De Professor Moukebeen schafft fir eng bekannte Medikamentefirma. Scho säit siwe Joer fuerscht hien un engem geheime Wierkstoff. An elo huet hien en endlech entdeckt! Hien nennt en Bintelleanimykofurzozym. Ee Wuert, dat just ganz gescheit Leit ausschwätze kënnen. An déi, di et net ausschwätze kënnen? Ma déi brauche just regelméisseg Bintelleanimykofurzozym anzehuelen, an dann ass et nëmme nach eng Fro vun der Zäit, bis si di schwéierst Wieder genau esou liicht ausschwätze kënnen wéi anerer „Mamma“, „Pappa“ oder „Wauwau.“

Mat der Entdeckung vu Bintelleanimykofurzozym ass et dem Professor Moukebeen nämlech gelungen, en effikasst Mëttel géint d'Dommheet ze entwéckelen.

Wann e Puppelche vun Ufank un regelméisseg e Löffelche voll Bintelleanimykofurzozym hält, dann ass hie mat néng Méint esou op Zack, dass en sech d'Schoul spuere kann. An als Pudder geholl hëlleft dat Mëttelchen och nach géint Blähungen!

Et ass allerdéngs extrem komplizéiert, dat Wonnermëttel ze produzéieren. Selbstverständlech ass d'Zesummesetzung streng geheim. De Professor huet sech esouguer geweigert, de Chef vum der Firma Abléck an seng Ënnerlagen ze ginn. Et gi mol keng Koppé vum senger Berechnungen. Et gëtt just en donkelrout


Buch mat Réngelcher op der Säit, dat de Professor iwwerall mat sech ronderëm schleeft.

Trotz alle Virsiichtsmoossnahmen ass leider awer eppes iwwert déi fantastesch Erfindung bis bei d'Konkurrenz duerchgesickert. Saitdem versicht déi mat alle Mëttelen, de Professor fir sech ze gewinnen. Mee do bässt ee beim Professor Moukebeen op Granit. Hien ass ze houfreg op seng Erfindung, fir se ze verkafen.

De Kommissär Donnerwetzski besicht de Professor Moukebeen op engem Méinde Moien. Hien ass scho ganz gespaant, well haut soll eng Expertise fäerdeg ginn, déi de Kommissär beim Professor an Opdrag ginn hat. Dobäi giong et em ee Gëftmordprozess an eng verdächtige Kiischtentaart.

De Professor ass an sengem Labo.

„Däerf ech erakommen?“, freet den Donnerwetzski héiflech.



„Nee, nee“, seet de Professor Moukebeen huerteg a leet säi Brëll op de Labosdësch. „Ech komme léiwer bei Iech eraus.“

Hien zéckt een Ament, ob e säi rout Buch mat de geheimen Opzeechnunge soll mathuelen. Mee da léisst hien et awer léiwer um Dësch leien. Leider.


„Huel Iech wann ech gelift Plaz“, seet de Moukebeen zum Kommissär. „Hei niewendrun ass et dach vill méi gemittlech wéi am Labo!“

A während de Professor erkläert, dass tatsächlech Zyankali an der Kiischtentaart fonnt gouf, kënnt en ongebidene Gaascht. Dee klotert de Kulang erop, bréngt et fäerdeg, d'Fënster, déi op Kipp steet, ganz opzemaachen a kann esou an de Labo abrieche. Op senger Sich nom Professor senger wäertvoller Erfindung geheit hien sou munches op d'Kopp. E puer Saachen, déi him nützlich a wichteg erschéngen, stécht hien an e Sak, deem e matbruecht hat.

Éier de Professor Moukebeen dem Kommissär Donnerwetzski Äddi seet, geet en nach emol a säi Labo zeréck, vir de Rescht Kiischtentaart sichen ze goen. Mee déi ass net méi do! Grad esou wéi nach sechs aner wichteg Saachen, inklusiv sengem donkelroude Buch!

„Oh, mäi Gott!“, rífft de Professor Moukebeen a geet an d'Gätten.

Lo wäert et nees Joren dauere, bis d'Mënschheet mam Sege vu Bintelleanimykofurzozym rechnen kann. Well während senger Bewusstlosegkeet huet de Professor Moukebeen di komplizéiert Formel nees vergiess. An d'Konkurrenz huet Bintelleanimykofurzozym bis haut och nach net op de Maart bruecht. Dat läit vläicht och dodrun, dass de Brigang di vergëfte Kiischtentaart giess huet. Wierklech schued...!



Fro un all Detektiven, déi och ouni Bintelleanimykofurzozym zimlech clever sinn a schärf beobachte kënnen:

Wat huet de Brigang alles matgeholl?



Dat rout Buch, eng Medikamentefläschelchen, e Reagenzglas, eng Pincette, Pëllen aus der Schësselchen, eng chemesch Flëssegkeet aus engem Behälter an d'Kiischtentaart.



13. Erageschneit

Et schneit schonn de ganzen Dag.

De Kommissär Donnerwetzski, dee sech wéi e Kichelchen op seng Schivakanz an den Alpe gefreet hat, steet uewen um Lift. En zitt d'Tirette vun senger Jackett bis uewen un d'Nuesespëtzt erop. En zitt sech seng Mutz déif an de Kapp, kroopt sech seng Schibengelen an dréckt sech selwer domat un. Fir d'éischt fiert e ganz virsiichteg, mee scho no kuerzer Zäit gëtt hien ëmmer méi kéng a kritt richteg Vitesse drop. Mat Wuppes jauft en de Bierg erof a bréngt et fäerdeg, sou just nach enger Dänn auszeweechen. Dofir rennt hien awer um Bord vun der Pist an eng Damm, di grad amgaang ass hir Händchen unzedoen.

Di zwee trëllen an de Schnéi, d'Landung ass mëll, mee naass.

De Kommissär entschëllegt sech dausend Mol.

„Ma dat mécht dach näischt!“, seet d'Fra ganz daper a rëselt sech de Schnéi vu der Jackett an aus den Hoer. „Ech si souwisou schonn zoppnaass a wollt grad hannescht a mäi Hotel!“



„Sidd Dir och am Alpina?“, freet den Donnerwetzski, well him grad keng méi eng intelligent Fro afält.

D’Fra wénkt mam Kapp. „D’ass wierklech e léiwe klengen Hotel.“

Den Donnerwetzski huet endlech och de Schnéi aus sengem Schnurri gerëselt a gesäit nees ganz passabel aus. Hie laacht d’Fra un a seet: „Dann däerf ech Iech sécher den Owend op e Glas Glühwäin invitieren? Als Entschiedegung souzesoen.“

„Ma gären! Wann der onbedéngt drop bestitt...“, seet d’Fra, där een ofgesäit, dass se sech hire Glühwäin selwer leeschte kann. Gëllen Auer, gëllene Bracelet, Schikostüm, Schi - nëmmen dat Deierst.

Mee den Donnerwetzski ass nun eben emol e Kavaléier a weess, wat sech gehéiert.

Wéi de Kommissär hannescht an den Hotel kënnt, si grad nei Gäscht ukomm. Et ass en zimlecht Gewulls an der Receptioun.

„Ass Post fir mech do?“, freet e Mann an enger liederse Box an engem karéierten Hiem an hält huerteg zwee Bréiwer entgéint. Eng Fra freet no engem Kannerbettche fir hire Puppelchen an en eeleren Här hätt gären en drëtt Kappkëssen, well e nuets soss keng Loft kritt.

„Ech wéilt gären d’Zeitung vun haut“, seet den Donnerwetzski, an et dauert e wéineg, ier en se endlech kritt. Hie freet sech schonn op eng gutt waarm Bidden an seng Zeitung éier en un den Owesdësch geet. Gemittlech liest en e bësse méi spéit de Lokaldeel.

„Hmm... d’Kollegen hei dréien awer eng roueg Klatz am Verglach mat deem, wat an enger grousser Stad esou alles lass ass: e klengen Iwwerfall an engem Buttek hei, e klengen Abroch do, en Déif an engem Hotel, ee Scheckbedréier. An dann ass et dat schonn“, denkt hie bei sech. E bliedert weider bis bei d’Säit mat de Witzer a muss schmunzelen.

Mee beim Owesiesse vergeet him d’Laachen. Di Damm vun der Schipist kënnt bei säin Dësch. Si ass elegant gekleet, mee si huet keng Bijouen un. An dat huet och säi Grond. Opgereegt erkläert se dem Donnerwetzski: „Stellt Iech nëmme vir: wéi ech op der Mëttesrascht lounge krut ech meng ganz Bijou geklaut!“

„Oh nee, dat kann dach net sinn!“, seet de Kommissär. „Hu Der d'Poliss schonn avertéiert?“

„Et ware schonn zwee Polizisten hei. Si hunn dat ganz Zëmmer op d'Kopp gehäit, mee se hu keng eenzeg Spuer fonnt. Den Déif hat Händchen un, an en hat offensichtlech e nogemaachene Schlëssel. Sou konnt hien ouni Kaméidi ze maachen a mäin Zëmmer komme wéi ech geschlof hunn.“

An deem Moment kënnt de Garçon un den Dësch a freet: „Entschëllegt, géif et Iech eppes ausmaache, wann deen Här hei sech mat bei Iech un den Dësch géif setzen? En ass haut de Mëtte nei ukomm.“

„Ech bieden Iech, sëtzt Iech dach“, seet den Donnerwetzski. Hien erkennt den Här. Et ass de Mann mat der liederse Box a mam karéierten Hiem, den e mëttes an der Receptioun gesinn hat.

Natierlech erzielt d'Fra och him vun hirem Iwwerfall.

„En Déif? Hei am Hotel?“, seet de Mann zimlech erféiert. „Do géif ee jo am léifste nees heemfueren!“

„Sidd Dir hei Stammgaascht“, freet den Donnerwetzski.

„Nee, ech sinn haut hei duerch Zoufall erageschneit. Well am Hotel Post, wou ech soss ëmmer logéiere war leider keen Zëmmer méi fräi.“

„Erageschneit ass gutt gesot!“, seet de Kommissär. „Sou e Schnéistuerm wéi haut hunn ech scho laang net méi erlieft. Oh, ech hu ganz vergiess, mech virzestellen. Mäi Numm ass Donnerwetzski.“

Och d'Fra nennt hire Numm an dee friemen Här stellt sech als Jochen Meister vir. Hien ass Dokter a spontan e puer Deeg an d'Bierger gefuer, fir e wéineg ze entspanen.

Si décidéieren zu dräi zesummen zu Owend z'iessen. Eier d'Zopp zerwéiert gëtt, entschëllegt sech de Kommissär e Moment, well hien nach dréngend anzwousch uruffe muss.

D'Iesse schmaacht wonnerbar, well de Kach ass excellent an di gesond Loft an de Bierger mécht hongerech. Wéi se schliisslech zesumme bei hirem Glühwäin an der Bar sëtzen, gëtt den Donnerwetzski um Telefon verlaangt. Mat eeschter

Minn kënnt hien zeréck. „Kann ech mat Iech kuerz ënner véier Ae schwätzen?“, seet en zum Dokter Meister. An da seet en him op de Kapp zou, dass hien de gesichten Hotelsdéif ass.

„Wësst Der, et huet mech stutzeg gemaach, dass Der et mat der Wouerecht net esou genee huet. Dofir hunn ech Äre Numm an Är Plackenummer iwwerpräiwe gelooss a béides hunn ech op de Fahndungslëschte fonnt.“

Fro un all Detektiven, déi och am Schnéi déi richteg Nues behalen:

Wéi eng Flunkerei huet de Kommissär Donnerwetzski op d'Iddi bruecht, dass den Dokter Meister de Brigang kéint sinn?



De Mann hat erzielt, hie wär just duerch Zoufall am Hotel gelant. Hien hat seng Post awer an den Hotel schécke gelooss. Säin Openthalt am Hotel Alpina war also vun Ufank u geplangt!